Lëtzebuerg, den 29. Januar 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute weiderzeleeden:

*„Fir alternativ Forme vun der Mobilitéit ze förderen, bitt d'CFL zanter Enn 2017 de Carsharing-Service „Flex" op ville Plazen am Land un. Am Laf vun de Jore konnt de Reseau u Parkstatiounen ausgebaut ginn. Donieft ass bis viru kuerzem an engem Testprojet d'Offer vun engem „oneway"-Service getest ginn. Dat bedeit, dass anescht wéi bis elo, d'Clienten de geléinten Auto op enger anerer Plaz kënne stoe loossen, wéi do, wou si fortgefuer sinn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute folgend Froe stellen:*

- *Wéi ass déi aktuell Flott vu Flex punkto Motortyp zesummegesat? Ass virgesinn, an Zukunft op 100% emissiounsneutral Gefierer iwwerzegoen?*
- *Wéi gesäit de Bilan vum genannten Testprojet aus? Ass geplangt, dës Offer an Zukunft op méi Plazen auszedeenen?*
- *Am Juli 2019 ass eng Zesummenaarbecht tëscht Flex an enger Privatfirma op der Cloche d'Or verëffentlecht ginn. Dowéinst wollt ech nofroen, ob nach weider Projeten, bei deene Flex mat engem privaten oder ëffentlechen Acteur zesummeschafft virgesi sinn? Wéi vill där Partnerschafte ginn et am Moment?*
- *Ginn et Gespréicher fir mat Carloh, der zweeter Carsharing-Offer zu Lëtzebuerg, zesummen ze schaffen? Wann net, firwat net? Wa jo, wat ass den aktuelle Stand vun dëse Gespréicher?*
- *Ass vu Säite vum Ministère virgesinn, souwuel Flex wéi och Carloh an d'Mobilitéits-App ze integréieren? Wa jo, bis wéini kéint dat realiséiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten